

Nr. 304 Eng Klack fir eis Sprooch

Weltrekord!

Eis Sproochsituatioun ass mat eiser Nationalsprouch, 'duerch d'Bank' mat dem Däitschen, dem Franséischen an enger gudder Partie Englesch mat Sécherheet déi Eenzegartegst op der Welt. **Dir git kee weltwäit unerkannte Staat sichen, wou e Jong/Meedche vu ronn 14 Joer sech mat 4 Sprooch (Idiome) verstännege kann!**

Gelungenerweis kënn dat doduerch, dass eis 'Mammesprooch', déi do geschwat gëtt, wou mir opwuessen, net duergeet, fir sech bausst de Grenze vum Grand-Duché sproochlech duerchzeklappen. Dofir brauche mir aner Sprooch vu rondrem... doduerch entsteet dann eng 'Idiom'-Situatioun, déi et esou nëmmen eemol op der ganzer Welt gëtt.

Dat huet **och nach aner Virdeeler**: Mir kënnen d'Literatur vun 3 Groussprooch verstoen a genéissen, si am Original op de Schouss huelen. Eis Studenten hu kee Problem, fir sech op den Universitéit vum alle Länner aus dese Sprooch ze immatrikuléieren... an deenen hire spezielle 'Geroch' mat eranzubringen; dat gëtt eng Méiglechkeet fir eng apaart Weltoffenheet, déi eisem butzege Land op jidder Fassong zegutt kënn... a guttdeet.

Datt d'Lëtzebuergesch haut per CONSTITUTION a GESETZ absolutt legal e Stéck vun eiser Identitéit ass, huet eist Land vum Fong op **eiser Actioun-Lëtzebuergesch ze verdanken**. Just an eleng déi huet sech - noweisbar - , net ginn', bis et zu der Situatioun vun haut komm ass. Schued, dass de gudder Willy Bourg dat net sollt erliewen, dee vrun 20 Jo-

er d'Gesetzpropositioun an der Chamber eraginn huet, nodeem mir dee ganze 'Quasch' mat him am Märeler Park duerchdiskutiert haten. Dat bleiwen historesch Tatsachen, déi deen dichtegen a feinen Historiker Gilbert Trausch wëlles hat, an enger spezieller Aarbecht ze behandelen; leider...

Weltrekord hin oder hier; d'Realitéit weist, dass d'Englescht déi wichtegst Welt-Gebrauchs-sprooch ass, déi verstännegerweis och op EU-Plang déi éischt Plaz soll missen hunn. Dat huet rosewéineg domat ze din, dass England net méi an der Europäescher Unioun ass. Wéi sot de Michel Rodange: d'Praxis ass den Drot! A fir d'Englescht si mir wierklech gutt mat eisem Däitschen a Franséische 'gestiwelt', well d'Engländer jo (nom G.B.Shaw) ouni de Fong vun deene Sprooch misste 'billen'. Mir hu mat eiser Sproochsituatioun dofir en immense Fong fir d'Englescht ... a 'billen' an allem mat ?

Bei dese Gedankespiller kënn et engem **net onbedéngt realistesch vir, dass plazeweis Lëtzebuergesch am EU-Parlament verlaangt gëtt**; aner kleng Länner hu vrun allem politesch Ursache fir esou eppes un d'Klack ze hängen; mir net! Lëtzebuergesch fir plakatativ Texter, déi de 'grand public' uginn, natierlech ok, ower...

Et kann een alles iwwerdreien, och d'Ham an der Mëllech kachen, dat giff eng koppeg Saach. Besser si genésseng Geméisarten an eng Grimmel Salz a Pfeffer. Sproochlech gekuckt, hu mir dees 'Gewürz' méi wéi déi ganz 'Corona' aus dem EU-Krees.

Wat 'lount' sech dann?!

E klassesche Fall, wou mir, **ouni weider nozedanken, däitsch aplaz EISES schwätzen, ass dat 'sech lounen'**. Mä just hei hu mir en Ausdrock, deen absolutt typesch lëtzebuergesch ass: **Et ass dowäert**.

Natierlech héiert een elo rëm, dat 'Gedéngels' wier dach guer **net esou wichteg**. Déi Meinung sief jidderengem iwwerlooss. Ower dann iwwerleert emol, wéi esou Sproochknätzelen an anere Sprooch bekuckt a behandelt ginn: einfach Punkten ofgezun a ,bas-

ta! Probéiert emol, dee lëtzebuergesch Ausdrock an d'Franséisch oder Englesch ze iwwersetzen; do kritt dir Krämpes a fannt eraus, wéi wäit eis Sprooch plazeweis vun allen aneren ewech ass.

Et steet jidderengem fräi, dovun ze hale wat hie wëllt...ower da soll deen net mengen/soen, dass d'Lëtzebuergesch eng aremséileg kleng 'Sproochelchen' ass; **et ass nëmmen esou kleng, wéi mir et kleng halen/maachen!**

Leider...

huet bis elo nach keen sech dohannert gesat, fir e Bichelchen, eng Zort Dictionnaire mat onverwieselbaren Ausdréck aus eiser Sprooch tëscht Deckelen ze kréien. Et schéngt jo och méi einfach, egal wat, vrun allem aus dem Däitschen, an eisen offiziellen Dictionnaire ze rëselen an dat Ganzt mat 'wëssenschaftleche' Flätsche glënnere ze loossen. Eis Sprooch ass nun emol eppes ganz Eegenes bannent enger Situatioun, déi, wéi hei uewe gesot, eenzeg op der Welt ass...an dat brauch nun emol eng ganz apaart 'soziopädagogesch-linguistesch' Fassong fir drunzegoen! Mä wien huet déi dann?

Wou git dir dann z.B. 'Saache' wéi des sichen; iwwersetzen :

- **Knätzelen, kniwwelen, Knätzél, knätzeleg, Kniwwel, kniwweleg**
- **féischteren, Geféischtters**
- **pëtzen, eng Neelpëtz, Kaartepëtzert, Pëtzaang**
- **et bässt mech, ech hu Bass**

Eise Walfer Concours



Et ass wierklech dowäert, fir sech **d'Saach vun deem Concours ze bedenken**, deen d'Actioun-Lëtzebuergesch op de Walfer Bicherdeeg op hirem Stand organisiert.

Präis 500€; 2.Präis 400€, 3.Präis 300€, de 4.Präis 200€ , de 5. Präis 100€

Et geet hei drëm, en typesch lëtzebuergesch Saz op däitsch an op franséisch ze iwwersetzen. Do zielt dann dat méiglechst exakt Iwwerdroen an och d'Qualitéit an deer iwwersate Sprooch. Pro Sprooch sinn 3 Punkte méiglech. Am Fall vu gläichem Total tëscht Kandidate ginn déi ugesaten Zomme gedeelt. D'Blat vum Concours muss OP DER PLAZ an ouni Gebrauch vum Handy oder aner Hëllef ausgefëllt gin

Well d' 'Verbessere' jo net direkt op der Walfer Plaz ka gemaach ginn, ass um Ziedel en Eck fir den **Numm, d'Adress** a wa méiglech d'**e-mail Adress**, sou wéi **onbedéngt eng Kontosnummer** an deer Rubrik unzeginn. Vill Chance!!!

Hei e puer BEISPILLER a méiglech Opléisunge vu Froen:

Gëff dech elo: Cesse maintenant / Krieg dich jetzt ein!

Hal se zou: Ta gueule / Halt 's Maul!

Jäiz net sou haart: Ne crie pas si fort/ Schrei nicht so laut !

Ech hunn den Hick erëm: j'ai de nouveau le hoquet/ habe schon wieder Schluckauf...

Sprooch léieren

Et ass mat Sprooch wéi mat ville Saachen. **'t geet net duer mam Léieren ; si mussen an der Praxis gebraucht ginn**, fir dass se éierbar um 'Wibbele' bleiwen. Dat gëllt natierlech och fir d'Lëtzebuergesch, mam Schwätzen, Lauschteren, Schreien a Liesen... net nëmme schéi romantesch Gedichter oder spannend Romanen, mä och mat méi lëschtge kuerze Saachen. Mir hunn eng laang Rëtsch vun dichtege Schreier an Dichter... vun deenen déi meescht leider nëmme just den

Numm kennen. Am allerbeschte gëtt dat opgeholl a behal, wou et am Takt an zimlech witzeg kënn. Dat war **d'Iddi fir eng laang Rei vu klenge Gedichter ze maachen** an ze publizéieren. Et gëtt eng sougenannt 'Trilogie': 3 Bicher a ronn 360 'Schnoken', en Ausdrock: dee mir am Engleschen (beim 'Schneeken') als 'snaks' fannen; genésseng Sprooch-Schneekereien, deer dann heinsdo eng hei an eiser KLACK zervéiert gëtt, esou wéi des:

dee louder Verhalt !

En eelren Häerchen hat sech mol op engem Kaffiskränzchen an eng léif Wittfra ra' verkuckt.

Dat huet dann sou bei him gebruckt, dass hien si d'nächste Kéier frot, ob si net vläicht seng Fra wëllt ginn. Si huet voll Freed och 'jo' gesot, a wéini dat dann lo soll sinn.

Deen aanren Dag rífft hien hir un; hie sot, hie wísst just grad net méi, wat si da gësch geäntwert hätt; ob 'jo' ob 'neen' an och net wéi, well säi Verhalt, dee wéilt just net.

D'Wittfrächen huet net laang gefrot, si sot, d'Gespréich vu gëschter wier hir friem; si hätt zwar engem 'jo' gesot... wéiss leider net méi wíem. (L.R)



20, Conter-Strooss - L-5955 Izeg

Tel. 47 06 12

E-Mail: actioun@letzebuergesch.lu

lexroth@pt.lu

<http://www.actioun-letzebuergesch.lu>

Cotisioun: 20 €

CCPL LU75 1111 0066 4448 0000

BCEE LU52 0019 1000 7250 4000

Comité a Redaktioun:

Eise Bureau: Claude Bache (President a Caissier), Patrick Kaell (Sekretär), Lex Roth (Vizepresident a Redakter)

* Utilité publique N° F53 61

Nächst Klack (Nr. 305): Samschdes, den 2. November 2024